LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 22 DEC. 2017

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

LUXEMBOURG

Concerne : *Question parlementaire n°3461 du 17 novembre 2017 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER*

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe la réponse de mon département à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Félix BRAZ
Ministre de la Justice

Annexe

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg

Téléphone (+352)247-84537
Fax : (+352)26 68 48 61

Adresse postale
L-2934 Luxembourg

e-mail: info@mj.public.lu

Réponse de Monsieur Félix Braz, Ministre de la Justice,
à la question parlementaire n° 3461 du 17 novembre 2017 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Den honorabelen Deputéierten kënnt a senger parlamentarescher Ufro nees op Froen zeréck déi kierzlech an der Chamber - an ëffentlecher Sëtzung, de 15. November vun dësem Joer – schonn ausféierlech debattéiert gi sinn.

Wat den ECRI betrëfft, kann d'Regierung net aschätze wat dëst wichtegt Gremium dozou beweegt dës oder déi Aschätzung ze maachen.

Zu Lëtzebuerg gëtt, an den honorabelen Deputéierten weess dat sécherlech, de „Principe de légalité en droit pénal" respektéiert.

Zu Lëtzebuerg huet och all Biergerin an all Bierger Rechter déi hier an him et erlabe Geriichtsdécisiounen ze kontestéiere wann se als net richteg empfonnt ginn, an dat iwwert méi Instanzen.

Am héijen Interêt vum Justiziabel ass et eng permanent Suerg vun der Regierung eis Justizautoritéiten mat den néidege personellen, infrastrukturellen, finanziellen a legale Moyenën ze versinn fir konstant eng Justiz op héijem internationalen Niveau ze erméiglechen. Esou ass Lëtzebuerg 2017 vun der Europäescher Kommissioun am Beräich vun der Ziviljustiz opgefouert ginn als dat EU-Land wou d'Prozesser am séierste ginn. Eng Auszeechnung awer och eng Motivatioun fir et nach besser ze maachen, do wou dat geet.

Dëst gesot, huet d'Regierung deem wat se am Kader vun der uewe genannter parlamentarescher Debatt iwwert de Respekt vun der Gewaltentrennung gesot huet näischt bäizefügen.

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg

Téléphone (+352)247-84537
Fax : (+352)26 68 48 61

Adresse postale
L-2934 Luxembourg

e-mail: info@mj.public.lu